NATIONAL - AHA FROU IWWER DECISIOUN

Zeremonie temporär och an aner Lokalitéite méiglech, mat Masken

RTL | Update: 07.05.2020 09:42 | 8 Commentaire(n)

Nieft der Decisioun am Regierungsrot, mat der 2. Phas vum Erausklammen aus dem Lockdown unzefänken, gouf och iwwer d'zivil Bestietnesser decidéiert.

An zwar gëtt den Artikel 75 aus dem Code Civil esou ofgeännert, datt sech net méi muss an der Märei selwer bestuet ginn. D'zivil Bestietnesser an d'agedroe Partnerschafte kënnen also temporär och an anere Lokalitéiten an de Gemengen organiséiert ginn. Dat am Respekt vun den imposéierte sozialen Distanzen an der Limitt vun 20 Leit, déi bei dësen Zeremonië maximal dierfen dobäi sinn. Well et a ville Gemengen eben net méiglech ass, d'Covid-Precautiounsmesuren anzehalen, hunn d'Ministeschen Tanson a Bofferding dës zäitlech limitéiert Derogatioun geholl.

Wou dës kommunal Lokalitéite fir d'Zeremonien vum Pacs oder dem Bestietnis sinn, muss de

Schäfferot definéieren an d'Inneministesch muss se accordéieren.

D'Mesure gëllt wärend dem Etat de crise, deen u sech Mëtt Juni ausleeft an nach 12 Méint duerno, also bis Juni 2021.

AHA Lëtzebuerg begréisst, dass d'Regierung, op Virschlag vun der Inneministesch Taina Bofferding an der Justizministesch Sam Tanson, elo kuerzfristeg de Gemengen d'Méiglechkeet bitt, fir Hochzäiten an d'Schléissung vun enger Partnerschaft net nëmmen an der Gemeng, mä och an anere Gebaier, déi der Gemeng gehéieren, ofzehalen.

Zanter laangem huet sech d'AHA Alternativen zu den traditionellen Hochzäitszeremonië gewënscht, déi de Koppele méi Spillraum bei der Gestaltung vun zivillen Zeremonien erlaabt, ouni dofir manner attraktiv ze sinn.

PDF: Schreiwes vun AHA

Offiziellt Schreiwes

COVID-19: Lieux de célébration des mariages et des partenariats (05.05.2020)
Communiqué par: ministère de l'Intérieur / ministère de la Justice

Le gouvernement en conseil du 4 mai 2020 a approuvé une dérogation à l'article 75 du Code civil permettant à l'officier de l'état civil de célébrer le mariage dans un édifice communal autre que la maison communale. Les déclarations de partenariats peuvent avoir lieu aux mêmes endroits.

En raison des mesures de distanciation imposées par le gouvernement pendant l'état de crise COVID-19, l'organisation des cérémonies de mariages et des déclarations de PACS dans la maison communale avec un nombre maximal de 20 personnes pose problème à un certain nombre de communes, compte tenu de la taille insuffisante des salles disponibles.

C'est la raison pour laquelle, la ministre de la Justice, Sam Tanson, et la ministre de l'Intérieur, Taina Bofferding, ont proposé de permettre les mariages et les PACS non seulement à la maison communale, mais aussi, temporairement, dans d'autres édifices communaux. Les édifices en question sont à déterminer par le collège des bourgmestres et échevins. Cette décision nécessite l'approbation de la ministre de l'Intérieur.

Dans ce contexte, il est rappelé que l'accord de coalition prévoit une modernisation de la législation afférente aux cérémonies civiles. Cette mesure d'urgence pourra servir d'opportunité pour profiter du retour d'expérience des communes en vue de cette modernisation.